N°2777
Entrée le 08.09.2025
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

# Äntwert vum Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten a Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Xavier Bettel op d'parlamentaresch Fro n°2777 vum 13. August 2025 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen

**1. Ass vun der Regierung schonn eng geziilten Hëllefsaktioun fir de Kap Verde beschloss ginn? Falls jo, wéi eng Mëttele ginn hei agesat (finanziell, personell, materiell)?**

Am Kader vun de rezenten Iwwerschwemmungen um Cabo Verde, ass déi Lëtzebuerger Regierung säit Ufank un am enke Kontakt mat de kapverdianeschen Autoritéiten esou wéi mat der EU an den UNO-Agencen. Op der Plaz suivéiert d'Lëtzebuerger Ambassade d'Situatioun weiderhi vu ganz no, fir séier kennen op Hëllefsufroen vun de kapverdianeschen Autoritéiten ze reagéieren.

Lëtzebuerg bitt proaktiv all néideg Hëllef un déi gebraucht gëtt, a wäert sech aktiv un der Rekonstruktioun op deene betraffenen Insele bedeelegen, notamment am Waasser- an Ofwaasser Secteur. An dësem Kader schéckt Kooperatiounsagence Lux-Development een Expert op déi betraffen Insele fir d'Schied ze analyséieren an en Fonctioun vun de Besoinen en Projet op d'Been ze setzen. Parallel gëtt am Kader vu senger Zesummenaarbescht mat der UNO-Agence UNOSAT (*United Nations Satellite Centre*) grad en éischten "*Needs Assessment*" finaliséiert, deen e méi präzisen Iwwerbléck iwwert déi materiell Schied erméiglecht.

Den Ausseministère huet och iwwert den europäesche Katastropheschutz Mechanismus op eng Requête am humanitäre Beräich geäntwert, an huet an dësem Kader Material aus sengem humanitäre Stock ugebueden. Des weideren huet den Ausseministère decidéiert eng Contributioun vun 250.000 Euro un d'*Fédération Internationale de la Croix Rouge* ze maachen, déi no den Iwwerschwemmungen um Cabo Verde direkt sur place ware fir deene betraffenen Famillen ze hëllefen.

D'Flexibilitéit vun der Lëtzebuerger Kooperatioun huet et méiglech gemaach, am Kader vun engem Projet vu Lux-Development, 360.000 Euro bereet ze stelle fir ee Fonds de garantie opzesetzen, dee betraffenen Entrepreneure vu klengen a mëttleren Entreprisen zu São Vicente a Santo Antão finanziell ënnert d'Äerm gräift. Dëse Fonds wäert op Demande funktionéieren, an et gëtt domat gerechent dass tëscht 24 an 80 lokal Entreprisen oder Selbststänneger dovu profitéiere kënnen. Déi potentiell Beneficiairen sinn a verschiddenen Beräicher aktiv, esou am Secteur agro-alimentaire, an der Fëscherei oder am Secteur agro-pastoral - alles Aktivitéiten déi eng immens wichteg Roll um lokalen Aarbechtsmarché spillen.

De Cercle des ONGD ass och sollicitéiert ginn, en Opruff un all agreéiert ONGD ze maachen, Kontakt mat der *Fédération des Associations Capverdiennes du Luxembourg (FACVL)* opzehuelen, d'Initiative vun der Zivilgesellschaft ze koordinéieren an den Ausseministère ze informéiere fir eng eventuell Ënnerstëtzung vun dësen Initiativen. Déi éischt ONGD'en hunn sech elo scho manifestéiert, fir Méiglechkeeten ze sondéieren, an d' Lëtzebuerger Kooperatioun erwaart aktuell d'Soumissioun vun engem Projet d'Urgence fir 350.000 Euro.

**2. Huet d'Regierung Informatiounen, wéi vill Lëtzebuerger Bierger sech aktuell um Kap Verde befannen, am Kader vu Vakanzen, beruflechen Openthalter oder anere Grënn?**

Laut dem Registre National des Personnes Physiques hunn 148 Lëtzebuerger Bierger hire Wunnsëtz am Cabo Verde.

**3. Wéi sollen sech eis Staatsbierger um Cap Verde verhalen an u wien kënne si sech bei Problemer wenden?**

Den Ausseministère réit de Lëtzebuerger Staatsbierger um Cabo Verde sech un d'Consignë vun den lokalen Autoritéiten ze halen, an sech iwwert weider Entwécklungen ze informéieren.

Momentan huet den Ausseministère keng Ufro fir konsularesch Hëllef am Kader vum Stuerm op den Inselen São Vicente a Santo Antão kritt. Betraffe Staatsbierger kënnen sech bei der Lëtzebuerger Ambassade zu Praia mellen.

Lëtzebuerg, den 8. September 2025

Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht
an humanitär Ugeleeënheeten

(s.) Xavier Bettel